N°2636
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 2636 vum 22. Juli 2025 vum Här Deputéierten Marc Georgen.**

**1. Sinn och staatlech Serveren zu Lëtzebuerg vun dëser Sécherheetslück betraff gewiescht? Falls jo, wéi eng Verwaltunge waren hei betraff?**

De CTIE geréiert eng ganz Rei vu Serveren op Basis vun der Software Sharepoint vun der Firma Microsoft fir d'Ministèren an d'Administratioune vum Staat. Et ass ze ënnersträichen dat et Administratioune ginn, déi hir eege Sharepoint-Plattform geréieren. Deemno kënne mir eis nëmmen op dat engagéieren, wat fir déi Plattforme konstatéiert an ënnerholl gouf déi vum CTIE bedriwwe ginn.

Déi komplementar Sécherheetsmesuren déi de CTIE fir seng Serveren en place huet hunn en direkten Impakt vun der rezenter Sécherheetslück bei Microsoft evitéiert.

Vun dem Moment wou de CTIE informéiert gouf dat Sharepoint Serveren duerch e 'Zero-Day Exploit' vulnerabel waren, ass de CTIE a Kontakt mat Microsoft bliwwe fir all hir Recommendatiounen ëmzesetzen an d'Correctifen ze applizéieren esoubal se disponibel waren.

D'Analyse vun de Serveren an de Kommunikatiouns-Loggen huet keng Trace d'Intrusioun gewisen, esou dat d'Serveren net duerch eng Attaque kompromettéiert gi sinn. De CTIE ass weiderhin en Alerte a bleift mat Microsoft a Kontakt fir de Suivi vun der Situatioun.

**2. Ass gewosst, ob och Lëtzebuergesch Betrieber vun der Sécherheetslück impaktéiert goufen?**

Déi dofir zoustänneg Instanzen hu keng Tëschefäll oder Impakter vu lëtzebuergesche Betrieber notifizéiert kritt.

Lëtzebuerg, den 08/09/2025.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin